1-2021-O-Q-7194-01 (n°3910)

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dépôt: Sven Clement
Heure d'actualité
- Proposition législative de l'UE visant à prévenir et à combattre les abus sexuels sur les enfants en ligne

Lëtzebuerg, den 16/06/2022

2

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Dass BEE SECURE schonn Traininge fir Grondschoulen (ab dem Cycle 2.2) a Lycéesklassen op fräiwëlleger Basis ubitt;
- Dass BEE SECURE op hirer Website Informatiounen zu den Theme CSAM („Child sexual abuse material"), Grooming, Sextortion ubidden;
- Dass 2020 4.022 Fäll vu CSAM bei BEE SECURE gemellt goufen an dovunner 2.410 als illegal agestuuft gi sinn an un d'Police weidergereecht goufen;
- Dass Affer vu CSAM, Grooming oder Sextortion sech kënnen un d'Police wenden an och deelweis kënnen direkt iwwert den E-Kommissariat ee Fall signaliséieren;
- Dass Persounen, déi gefäert sinn zum Täter ze ginn, eng Ulafstell brauchen, wou si onkompliziéiert a séier un Hëllef kommen.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

- fir d'Schoulen weider an dësem Beräich ze sensibiliséieren a si bei der Ausaarbechtung vu präventive Schutzkonzepter ze begleeden;
- all d'Schüler ab dem Cycle 4.1 een Training mat BEE SECURE vu mindestens zwou Schoulstonne pro Schouljoer obligatoresch ze maachen;
- d'Unitéit vun der Police judiciaire, déi fir CSAM („Child sexual abuse material") zoustänneg ass, personell opzestocken, hinnen déi néideg Formatiounen an Weiderbildungen unzebidden, sou wéi och dat néidegt Material zur Verfügung ze stellen;
- eng Websäit an eng Hotline, wou Persounen déi gefäert sinn zum Täter ze ginn Informatiounen an präventiv Hëllef ugebuede kréien, unzebidden a bekannt ze maachen.

L. MOSAR

S. CLEMENT

M. Goerjen

S. Gilles Roth

Hansen
Martine